**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Da muss ech Iech awer enttäuschen, Här President, well meng Fro, déi riicht sech un de Premierminister. Den Här Gloden hu mer an där doter Fro leider héieren. Ech géif gären den Här Premierminister zu där doter Fro eppes froen. Wann en haut net kann hei sinn, da kann ech och Versteesdemech elo derfir hunn, wann en aner méi wichteg Saachen huet. Mee da kritt e se eng aner Kéier gestallt.

**M. Claude Wiseler,** Président | Also, ech ginn dovunner aus, datt d'Froen un d'Regierung sinn an datt d'Regierung decidéiert, wien op Är Froen äntwert. A wann d'Regierung eng Äntwert gëtt, dann ass dat d'Äntwert vun deem engen a vun deem aneren. Mee ech hunn ...

*(Interruptions)*

Ok, Dir hutt ... Et ass, wéi Der wëllt. Wann Der duerno net zefridde sidd mat der Äntwert, kënnt Der jo nach eng aner Form wielen oder eng aner Zäit wielen, wou Der d'Fro nach eng Kéier stellt. A wann Der se net wëllt stellen, dann ass dat Iech och fräigestallt. Mee ech mengen, et wär gutt, wann Der se géingt stellen.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Nee, Här President. Ech mengen, mir maachen hei allkéiers den Ordre du jour. Da gëtt gekuckt, wéi ee Regierungsmember do ass, fir dass mer wëssen, wiem mer kënnen eng Fro stellen. Den Här Premierminister war jo och elo de ganze Mëtten hei. E war och ugemellt. Dofir hunn ech eng kloer Fro un de Premierminister. A si riicht sech och nëmmen un de Premierminister eleng.

**M. Claude Wiseler,** Président | Gutt, ech gesinn, datt de Premierminister momentan net hei ass, datt Der an deem Fall d'Fro net stellt. An da kucke mer, datt Der eng aner Geleeënheet kritt, fir déi Fro do un de Premierminister ze adresséieren. Domat wär dann d'Froestonn vun haut de Mëtten ofgeschloss.

## 8. 8379 – Proposition de révision de l'article 15 de la Constitution

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Verfassungsofännerung 8379 iwwert d'Verankerung vun der Ofdreiwung an der Verfassung. Ech wëll elo schonn drop hiweisen, datt laut Artikel 131 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration – an dat ass dat Haaptsächlecht – ass net erlaabt an dësem Fall, fir datt dat och kloer ass. D'Conférence des Présidents huet decidéiert, d'Riedezäit nom Modell 2 festzeleeën, a si ass deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporter huet 15 Minutten, d'CSV 31, d'DP 24, d'LSAP 22, d'ADR 15, déi gréng, d'Piraten, déi Lénk hunn 10 Minutten an d'Regierung huet 15 Minutte fir ze äntwerten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Nathalie Morgenthaler, d'Madamm Carole Hartmann, d'Madamm Taina Bofferding, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Marc Goergen an dann duerno, huelen ech un, och nach eng Kéier, sou vill ech e verstanen hat, den Här Marc Baum am Numm vun déi Lénk an och nach d'Madamm Alexandra Schoos hannendrun, wann ech dat richteg verstanen hunn. De Rapporter vun der Verfassungsofännerung, den honorabelen Här Marc Baum, huet elo d'Wuert. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Institutions***

**M. Marc Baum** (déi Lénk), auteur-rapporteur | Merci, Här President. An deenen aacht Joer, an deenen ech bis elo Deputéierten an der Chamber war, ass et déi éischte Kéier, datt ech am Numm vun enger Kommissioun e Rapport zu engem legislativen Text maachen. An et ass kee Rapport vun engem einfache Gesetz, mee et ass de Rapport vun enger Verfassungserweiderung. A vu datt och d'Press, ech mengen, zu Recht dëse Vott vun haut als historesche Vott bezeechent, kann ech Iech just bestätegen, datt dat mech zudéifst beweegt.

Här President, de 7. Mee 2024 hunn ech d'Proposition de révision vun der Verfassung, déi d'Nummer 8379 krut, hei an der Chamber deposéiert. Si hat zum Zil, d'Recht op Schwangerschaftsofbroch a Verhütung an der Constitutioun ze verankeren. Den Artikel 15 vun eiser Verfassung sollt erweidert ginn ëm en drëtten Abschnitt, am Paragraf 3, mat follgendem Wuertlaut: „Le droit à l'interruption volontaire de grossesse ainsi que le droit à la contraception sont garantis. La loi détermine les conditions dans lesquelles s'exerce l'accès libre et effectif à ces droits." Dësen Text huet sech inspiréiert un enger Propositioun, déi 2022 an der franséischer Assemblée nationale deposéiert a liicht verännert 2024 mat enger ganz grousser parteiiwwergräifender Majoritéit gestëmmt gouf.

Den 19. Juni 2024 gouf eisen Text eng éischte Kéier an der Institutiounekommissioun presentéiert. D'Membere vun där Kommissioun hu mech zum Rapporter ernannt an de Wonsch ausgedréckt, méiglechst vill Avisen zu dësem Text ze kréien. An dës Avise koumen och eran, aacht Stéck am Ganzen. Dräi vun institutionellen Acteuren: der konsultativer Mënscherechtskommissioun, der Salariatskummer an dem Staatsrot. A fënnef aus der Zivillgesellschaft: dem CID Fraen an Gender, dem Planning Familial, der Œuvre pour la protection de la vie naissante, dem Conseil national des femmes du Luxembourg an Amnesty International.

An der Sëtzung vum 15. September 2025 goufen dës Avisen eng éischte Kéier virgestallt an diskutéiert. D'Kommissioun huet decidéiert, alleguerten d'Avisen zu parlamentareschen Dokumenter ze maachen, am Geescht vun enger oppener a sachlecher gesellschaftlecher Debatt.

De 6. Oktober gouf an der Kommissioun en Amendement presentéiert an ugeholl, dat Ausdrock vun engem politesche Kompromëss vu sechs Parteie war. Am neien Text ass aus dem „Recht" op Ofdreiwung eng „Fräiheet" ginn an d'Contraceptioun ass erausgeholl ginn. Ech gi spéider dorobber an.

Den 19. Dezember huet de Staatsrot säin zweeten Avis ofginn. D'Kommissioun huet deen den 12. Januar dëst Joer analyséiert an den 9. Februar gouf de schrëftleche Rapport, deen Dir elo virleien hutt, vun de Membere vun der Institutiounekommissioun mat enger Géigestëmm ugeholl.

Zu den Avisen: Vun deenen aacht Avisen, déi schrëftlech erakoumen, hu sech der siwe ganz averstane gewise mat deem virgeschloenen Text. Esouwuel de CID Fraen an Gender, de Planning familial, de Conseil national des femmes du Luxembourg an Amnesty International ewéi och d'Mënscherechtskommissioun an d'Salariatskummer setze sech als Alleréischt mat der Fro auserneen: Brauch d'Recht op Schwangerschaftsofbroch, dat am Moment zu Lëtzebuerg duerch Gesetzer gereegelt ass, Verfassungsrang? A si beäntweren déi Fro eendeiteg mat Jo. An dëst aus follgende Grënn:

Éischtens: Si gesinn alleguerten eng wuessend Gefor fir d'Selbstbestëmmungsrechter vun der Fra uechtert d'Welt an an Europa. Zitéiert gi rezent Beispiller aus Polen, wou d'Verfassungsgeriicht viru fënnef Joer praktesch e komplett Verbuet vun Ofdreiwunge bewierkt huet. An natierlech d'Entwécklung an den USA, wou de Supreme Court 2022 eng bis dohinner gëllend Jurisprudenz vun 1973 revoquéiert huet. Den Avortement, sou d'Riichter, wier am Fong keng Kompetenz vum Federalstaat, mee vun den eenzelne Bundesstaaten. An domadder gouf de Schwangerschaftsofbroch a ganz villen US-Bundestaate quasi iwwer Nuecht staark ageschränkt oder souguer komplett verbueden, mat zum Deel dramatesche Konsequenze fir betraffe Persounen.

Zweetens betounen dës Avisen alleguer, datt d'Recht, als Fra selwer ze decidéieren, wéini ee Mamm wëllt ginn, als Deel vun de Mënscherechter ze betruechten ass. Si gesinn et als en Element vu Selbstbestëmmung, vun Dignitéit a vu Gläichbehandlung vun de Geschlechter a verweisen drop, datt dëst och eng Fro vun ëffentlecher Gesondheet ass.

Drëttens kommen d'Avisen zur Konklusioun, datt eng Verankerung an der Constitutioun e méi effikasse juristesche Schutz géint Menacë géint d'reproduktiv Rechter géif duerstelle wéi den Zäitgeescht vu knappe politesche Majoritéiten.

A véiertens gesinn d'Organisatiounen eng Verankerung vun der IVG an eisem Grondgesetz souwuel als wichtegt Signal fir d'Autonomie vun de Fraen an eisem Land wéi och als e staarkt Zeechen an engem internationale Kontext, deen ëmmer méi vu Chauvinismus a Fraefeindlechkeet markéiert ass.

Doriwwer eraus gräifen eenzel Avisen nach méi spezifesch Aspekter eraus. Sou gesäit den Nationale Fraerot dës Initiativ och am Kontext vum Kampf géint d'häuslech Gewalt. Zu där Gewalt zielen och d'Verhënnerung vu Verhütung, hire bewosste Sabotage an erzwonge Schwangerschaften.

D'Salariatskummer, d'Mënscherechtskommissioun an Amnesty weisen drop hin, datt et och haut nach objektiv Obstakelen zu Lëtzebuerg gëtt, déi de fräien Zougang zur IVG erschwéieren, Obstakelen, deene sech d'Chamber och weiderhi misst unhuelen. Weiderhi weise se drop hin, datt nach ëmmer weesentlech Donnéeë feelen, a si hiewen d'Bedeitung vun der sexueller an affektiver Erzéiung ervir an d'Noutwendegkeet, déi méi konsequent an de Schoulen auszeweiten.

De CID Fraen an Gender an och d'Mënscherechtskommissioun weisen drop hin, datt d'Fraerechter ëmmer méi dacks Attacken ausgesat ginn an ëmmer méi stereotypiséiert Vuë vun der gesellschaftlecher Roll vun der Fra ëm sech gräifen oder Renaissancen erliewen.

A villen Avise gëtt drop higewisen, datt d'Restriktioune beim Zougang zur IVG net zu manner Ofdreiwunge féieren, mee zu enger méi grousser gesondheetlecher Geféierdung vun de Fraen an zu hirer sozialer Prekariséierung.

Verschidden Avisen hiewen déi inklusiv Formuléierung vum virgeschloenen Text positiv ervir, datt et also net eng Prerogativ ass vun engem bestëmmte Persounekrees, de Fraen, mee en allgemenge Rechtsprinzipp, dee sech fir all betraffe Persoun applizéiert.

Der Vollstännegkeet halber sief och nach op déi ëffentlech Stellungnam vun der Vereenegung vun de Gynekologen higewisen, deene besonnesch den Equiliber tëscht der Selbstbestëmmung vun der Fra an der Gewëssensfräiheet vun den Doktere wichteg ass. Dësen Equiliber gesinn d'Gynekologen och mat dëser Propositioun weiderhi garantéiert an hunn dowéinst kee Problem mat der Verfassungsännerung.

Deen eenzege kriteschen Avis koum vun der Œuvre pour la protection de la vie naissante. Si äusseren eng fundamental Kritick um Fait, datt Fraen iwwerhaapt avortéieren a gesinn doranner e Widdersproch zum Droit à la vie. Si fäerten, datt duerch d'Constitutionaliséierung gesellschaftlechen Drock op d'Fraen entsteet, sech am Zweifel fir eng Ofdreiwung ze entscheeden, an och datt d'Zuel vun den Avortementer

doduerch klamme géing. Si mengen, datt dëst zu enger quasi automatescher Ophiewung vum legalen Delai, an deem däerf avortéiert ginn, géif féieren.

Si sinn des Weideren der Meenung, datt eng IVG d'office am Widdersproch zum hippokrateschen Eed vum Dokter géif stoen, a se fäerten, datt de Medezinner hir Gewëssensfräiheet menacéiert wier an datt d'Dokteren an Zukunft kéinte vum Staat gezwonge ginn, Avortementer virzehuelen. A si fannen et och net demokratesch, eng Verfassungsännerung ze maachen, déi net am Walprogramm vun de Majoritéitsparteien an och net am Koalitiounsaccord steet.

An hirem complementairen Avis nom Amendement vun der Kommissioun bleift d'Associatioun bei hirer Ofleenung a gesäit am Changement vun der Terminologie vu „Recht" zu „Fräiheet" e politescht Manöver, mee keng inhaltlech Ännerung. Par contre begréisse si ausdrécklech d'Sträiche vun der Verhütung, well esou Fuerderungen näischt an enger Verfassung ze sichen hätten. An enger änlecher grondleeënder Oppositioun sinn d'Aussoe vum Äerzbëschof vun der kathoulescher Kierch ze deiten.

Här President, de Staatsrot gräift a sengem Avis och den internationale Kontext op, notamment d'Urteel vun der amerikanescher Supreme Court aus den USA an d'Reaktioun vun der franséischer Assemblée nationale, déi d'Fräiheet ze avortéieren dorophin an hir Verfassung ageschriwwen huet.

De Staatsrot rappeléiert d'Gesetzeslag zu Lëtzebuerg, déi den Zougang zu enger IVG zanter 2014 ënner bestëmmte Bedéngunge garantéiert: Bis zur zwieleftter Schwangerschaftswoch ass eng Ofdreiwung zu Lëtzebuerg gesetzlech erlaabt, no deem Delai ka se duerchgefouert ginn, wann d'Gesondheet vun der schwangerer Fra a Gefor ass.

De Staatsrot rappeléiert weider souwuel d'Gesetz vun 2025, dat den Délai de réflexion vun dräi Deeg supprimééiert huet, wéi och d'Resolutioun vum 28. Juni 2022, an där sech d'Chamber kloer fir de Prinzipp vun der Selbstbestëmmung bei enger IVG ausgeschwat hat an all Initiativ verurteelt huet, déi de Schwangerschaftsofbroch verbidden, kriminaliséieren oder limitéiere wëll. Dëst mat enger grousser Majoritéit vu 56 zu 4 Stëmmen.

Esoudatt de Staatsrot zur Konklusioun kënnt, datt, éischtens, dës Propositioun kee Paradigmewiessel bedeit, mee datt sech d'Chamber an der Kontinuitéit vun de leschte Jore befënnt, an datt, zweetens, duerch d'Constitutionaliséierung vum Recht op Ofdreiwung a Verhütung kee Gesetz misst geännert ginn. D'Reegele ginn net geännert, se ginn ofgeséchert.

De Staatsrot ënnersträicht, datt d'Verankerung vum Recht op Ofdreiwung an der Verfassung eng méi zolidd juristesch Protektioun géif garantéieren, well et aktuell am internationale Recht nëmmen ongenügend geschützt ass. Et ass zwar mam Recht op Privatsphär, mam Prinzipp vun der Netdiskriminatioun a mam Recht op Gläichstellung tëschent Fraen a Männer verbonnen, mee den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter léisst de Staaten e breeden Appreciatiounsspillraum bei der Reglementéierung vum Avortement.

D'Verankerung vum Recht op IVG a Verhütung an der Verfassung géif am Verglach zur aktueller Situatioun zwou zousätzlech Garantië bidden: Éischtens géif eng méi grouss Stabilitéit vun dëse Rechter garantéiert ginn, well eng Verfassungsännerung nëmme mat enger parlamentarescher Zweedrëttelmajoritéit geschéie kann, an zweetens géif d'Verankerung vum Recht op Ofdreiwung a Verhütung ënnert d'Garantië vum Artikel 37 vun eiser Verfassung falen. Dat bedeit, datt all zukünfteg Restriktioun vum Zougang zu enger Ofdreiwung éischtens per Gesetz geschéie misst, zweetens dat Gesetz selwer den essentielle Kär vum Ofdreiwungsrecht net touchéieren dierft an et drëttens nëmmen da gerechtfertegt wier, wann et an enger demokratescher Gesellschaft noutwendeg a proportional wier.

Här President, d'Diskussioun an der Institutiounekommissioun duerno huet Follgendes ervirbruecht: No de Lénken, de Gréngen, der LSAP an de Piraten, déi sech relativ fréi mat der Propositioun averstane gewisen hunn, ass och an de Koalitiounsparteien DP an CSV d'Asiicht an d'Noutwendegkeet vun der Aschreiwung vum IVG an d'Verfassung majoritär ginn. Diskutéiert goufen awer nach zwee Elementer:

Éischtens: d'Verhütung. D'Kritiker hu gemengt, datt d'Contraceptioun manner menacéiert wier an duerfir keng Necessitéit géif bestoen, hir Verfassungsrang ze ginn. D'Ënnerstëtzer hunn argumentéiert, datt d'reproduktiv Rechter net nëmmen den Avortement betreffen, mee scho virdrun usetzen an dass dëst e méi zesummenhängend Verständnis vun deene Rechter géing duerstellen. Vu datt awer keng breet Zoustëmmung ersiichtlech war, huet d'Kommissioun dëse Punkt net zréckbehalen.

Zweetens gouf et vill ëffentlech Konfusioun ëm dat Wuert „Droit" à l'interruption volontaire de grossesse, also d'„Recht" ofzedreiwen. Et gouf deelweis souguer esou duergestallt, wéi wann et sech hei ëm en absolutt Recht géif handelen, wat natierlech net de Fall war. Mee no Diskussioune gouf trotzdeem de Begrëff „Fräiheet", „Liberté", zréckbehalen, wëssend, datt et a Verfassungsfroen am Kapitel vun den ëffentleche Fräiheete keen Ënnerscheed gëtt tëschent Rechter a Fräiheeten. Béid Begrëffer fënnt een an deem Kapitel erëm an et gëtt tëschent hinnen och keng Hierarchie. Oder fir ee vun de Käpp vun eiser Constitutioun, de Paul-Henri Meyers, ze zitéieren: „Ob et ‚Fräiheet' oder ‚Recht' genannt gëtt, spillt keng Roll. Wann een eng Fräiheet huet, dann huet een och e Recht, well d'Verfassung ëmmer iwwer eng Fräiheet schwätzt."

Dës Interpretatioun, Här President, huet de Staatsrot dunn a sengem zweeten Avis complémentaire nach eng Kéier kloer bestätegt. De Conseil d'État rappeléiert, datt d'Kapitel 2 vun der Verfassung tëscht zwou Kategorien ënnerscheet. An der Sektioun 2 stinn d'Grondrechter, déi als intangibel gëllen. Dat sinn d'Artikelen 12, 13 a 14. An der Sektioun 3 ginn dogéint d'ëffentlech Fräiheete garantéiert. Dat si Rechter a Fräiheeten, deenen hir konkreet Ëmsetzung am Prinzipp duerch Gesetzer gereegelt gëtt. Dat sinn d'Artikele 15 bis 37. Dobäi muss all Aschränkung strikt den Artikel 37 vun der Verfassung respektéieren, also gesetzlech virgesi sinn, de weesentleche Kär vum Recht respektéieren an dem Prinzipp vun der Proportionalitéit entspriechen.

Well also d'Recht op Ofdreiwung als neien Artikel 15 Paragraf 3 Alinea 3 an d'Sektioun 3 ageschriwwe géif ginn, géif et juristesch als „ëffentlech Fräiheet" klasséiert ginn. An dat gëllt onofhängeg dovunner, ob am Text vum Begrëff „Recht" oder „Fräiheet" geschwat gëtt. De Staatsrot ralliéiert sech do och dem franséische Conseil d'État, déi déi Diskussiounen a Frankräich och haten. An de Staatsrot betount, datt tëscht dësen zwou Bezeechnunge keng ënnerschiddlech juristesch Wierkung besteet. Duerfir ass d'Formuléierung, déi d'Kommissioun zréckbehalen huet: „La liberté d'avoir recours à l'interruption volontaire de grossesse est garantie. La loi détermine les conditions dans lesquelles s'exerce cette liberté."

Här President, erlaabt mer zum Schluss nach zwou Bemierkungen:

Éischtens wéilt ech alle Bedeelegten un där parlamentarescher Aarbecht e grousse Merci ausschwätze fir hir oppen, respektvoll a konstruktiv Aarbecht. D'Diskussioune goufe gefouert am Sënn ze rassembléieren, an net fir ze dividéieren. Ech si frou, datt mer ewech si vun den opgehetzten Diskussioune vun 1978 oder vun 2014.

Merci awer och de Mataarbechter/innen a menger Fraktioun, virewech dem Elise Bally, dem Ana Correia an dem Julie Oé, mee awer och deene villen Deputéierten aus ënnerschiddleche Parteien, mat deenen ech perséinlech Gespréicher féiere konnt.

Mee dee gréisste Merci geet awer an alleréischter Linn un déi, déi de Kampf fir Gläichberechtegung zanter Joren a Joerzéngte féieren. Dat hei ass hiren Text!

Am schrëftleche Rapport hunn ech mech an de Considérations générales länger mat der Geschicht vun der IVG befaasst, der juristescher Entwécklung zu Lëtzebuerg an och mat dem aktuelle gesellschaftleche Kontext. D'Zil war et ze weisen, datt d'Selbstbestëmmungsrecht vun der Fra iwwert den eegene Kierper sech an enger historescher Entwécklungslinn befënnt, enger Entwécklung, déi zwar progressiv ass, mee net gradlinneg. Gesellschaftlech Fortschrëtter sinn ni vum Himmel gefall, mee waren ëmmer Resultat vu sozialen, gesellschaftlechen a politesche Kräfteverhältnisser an Ausenanersetzungen. A vill ze dacks ass et Réckschléi ginn. Déi Rechter sinn ëmmer nees a Fro gestallt ginn, menacéiert oder souguer réckgängeg gemaach ginn.

Dofir wëll ech ofschléisse mat engem Zitat aus dem Avis vum Nationale Fraerot: „Ce geste constitutionnel serait à la fois une protection contre les dérives autoritaires, un acte de fidélité aux engagements internationaux du Luxembourg et un message d'espoir adressé à toutes les femmes. Protéger l'autonomie reproductive, c'est protéger les droits humains."

Duerfir dësen Text, fir deen ech d'Éier hunn, Iech am Numm vun der Institutiounekommissioun ëm Är Zoustëmmung ze bieden.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum, fir dee schrëftlechen a fir dee mëndleche Rapport.

An déi éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Nathalie Morgenthaler. Madamm Morgenthaler, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV) | Merci, Här President. Wéi mer leschte September als CSV an engem Nationalrot iwwert dës Verfassungsännerung geschwat hunn, huet eng Damm sech d'Wuert gefrot, fir eis hir Geschicht ze zielen. Ech wéilt déi gären an hire Wierder hei erëmginn:

„Scho ganz jonk stoung fir mech fest, dass Kannerkréien e wichtegen Deel a mengem Liewensplang wär. Ofdreiwe war en No-Go, eng Meenung, déi ech och haart dobausse vertrueden hunn. Du gouf ech déi éischte Kéier Mamm, awer et war op eemol näischt méi esou, wéi et geplangt war: Main éischt Kand koum mat engem geeschtegen Handicap op d'Welt. Obwuel dat net ëmmer einfach war, hu mer eis séier ugepasst. An nodeems festgestallt war, dass säin Handicap, eng Laun vun der Natur, awer net geneetesch bedéngt war, stoung weidere Kanner, an domat trotz alledeem e bëssen Normalitéit, näischt méi am Wee.

Mee déi nächst Schwangerschafte waren net méi ze vergläiche mat der éischter. D'Prenataldiagnostik

sollt bestätegen, dass alles an der Rei war, awer beim Waarde sinn eis dausend Gedanken duerch de Kapp gaangen: ‚Wat maachen, wann elo awer ...? Packe mer dat zweemol? Kënne mer eis géint e Kand entscheeden, dat »just« esou ass wéi dat ëscht?' Beim drëtte Kand koumen nach weider Froen dobäi: ‚Wat mudde mer eisem mëttelste Kand zou, wann erëm e Problem ass? Däerfe mer him dat undoen, dass et op nach méi verzichte muss?'

Schlussendlech hate mer Chance a mir kruten zwee gesond Kanner. Mee säitdeem ass mer bewosst ginn, wéi wichteg et ass, sech all déi Froen däerfen ze stellen an herno och fräi däerfen ze entscheeden: fir dat ongebuerent Kand oder dergéint. Et ass sécherlech keng einfach Decisioun. A keen aneren huet menger Meenung no d'Recht, bei esou Entscheedunge matzeschwätzen a scho guer net ze urteelen – well keen anere muss herno mat der Entscheedung liewen, egal wéi se ausfält."

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif alleguer, mir hunn et un dësem konkreete Beispill héieren: Mir féieren haut eng Debatt, déi net nëmmen eng juristesch oder politesch Debatt ass. Et ass eng Debatt, déi d'Liewe vu Fraen, vu Familljen an am Fong eis ganz Gesellschaft betrëfft. Et ass eng Debatt, déi d'Fro stellt, wéi mer als Gesellschaft Verantwortung iwwerhuelen, wéi mer schützen a wéi mer Fräiheeten definéieren.

Ech wëll et kloer direkt soen: Jo, ech ënnerstëtzen dës Verfassungsännerung. Net aus enger politescher Iwwerleeung eraus, mee aus Mënschlechkeet, Vernonft an Iwwerzeegung. Ofdreiwunge ware schonn ëmmer eng Realitéit. Si goufe schonn duerchgefouert, wou et nach ëffentlech tabuiséiert a juristesch kriminaliséiert war. Dës Fräiheet an der Verfassung opzehuelen, ass de Versuch, dëse legale Kader e Stéck weider ofzesécheren.

Den Asaz fir Selbstbestëmmung huet e laange Wee hanner sech. En eventuelle Verfassungsrang wär fir vill vun eis Fraen den Héichpunkt vun engem laange Kampf fir Selbstbestëmmung an ech wéilt all deene sëllege Virgängerinnen, déi sech bis haut fir dës Cause agesat hunn, net an de Réck falen.

Ech ënnerstëtzen dëse Schratt net, well ech d'Ofdreiwung als eppes Normales gesinn, mee well ech de Mënsch an d'Realitéit gesinn, wéi se sinn. D'Fro, ob a wéi d'Méiglechkeet vun der Ofdreiwung an eiser Verfassung verankert soll ginn, ass keng einfach Fro. Fir eis als CSV ass et op jidde Fall wichteg, dass mer dës Fro mat Respekt, mat Éierlechkeet a mat Besonnenheet behandelen, net mat Ideologie, mee mat Verantwortung. Mir gi keng moralesch Urteeler iwwert d'Fraen, déi ofdreiwen. Mir wëllen eng gutt Ënnerstëtzung, Begleedung, a mir schützen hiert d'Recht, dës Entscheedung selwer ze huelen.

Här President, léif alleguer, et gëtt zwou Approchen, fir dës Fro ze betruechten. Op där enger Säit stinn déi, déi soen: „D'Aschreiwung an d'Verfassung ass néideg, fir e fundamentaalt Recht vu Fraen op laang Siicht ze schützen." Op där anerer Säit stinn déi, virun allem Juristinnen a Juristen, déi soen: „D'Verfassung ass keen Instrument, fir all gesellschaftlech Fro ze reegelen." Si warnen dovir, d'Verfassung opzemaachen, well se fäerten, dass mer domat hire Charakter als stabillt Fundament schwächen.

Ech mengen, mir däerfen dës Argumenter net géinteneen ausspillen, well béid Säiten hunn e Punkt, e wichtege Punkt: D'Verfassung muss de Sockel vun enger Gesellschaft sinn, si däerf net liichtfankeg geännert ginn. Mee gläichzäiteg ass si och do, fir dat ze schützen, wat mer als grondleeënd Wäerter vun eiser Gesellschaft ugesinn.

D'Fro ass also net: Däerfe mer d'Verfassung änneren? D'Fro ass: Ass dëst Theema esou fundamental, dass et dëse Schutz verdéngt? Fir mech ass d'Äntwert ganz kloer: Jo! Net well d'Ofdreiwung eppes ass, wat mer normal fannen, mee well et eng esou schwéier, eng esou déifgräifend, eng esou existenziell Entscheedung ass.

Här President, fir eis als CSV ass et wichteg, eng Saach ganz kloer ze soen: D'Ofdreiwung däerf ni eppes Banales ginn! Si däerf ni eppes ginn, wat als Normalitéit ugesi gëtt. Si däerf ni eppes ginn, wat als einfach Léisung presentéiert gëtt. Well d'Ofdreiwung ass an der Reegel en déif aschneidend Erliefnis. Si ass ëmmer d'Resultat vun enger quokeleger Situatioun. Si däerf ni en einfachen Ersatz vun der Verhütung ginn, an dofir muss si eng Ausnam bleiwen.

Hanner all Ofdreiwung stécht eng Geschicht, eng Fra, e Partner oder eng Partnerin, eng Famill. Heiansdo Tréinen, heiansdo Angscht, heiansdo Scholdgefill. Et si komplex, déif mënschlech Situatiounen, déi net mat Paragrafen eleng geléist ginn.

Här President, wa mer also dovu schwätzen, dës Méiglechkeet an der Verfassung ze verankeren, da musse mer och kloer definéieren, wat mer domadder mengen. An hei kënnt eng juristesch Fro op, déi mer an de leschte Wochen a Méint vill diskutéiert hunn: Schwätze mer vun engem „Recht" oder schwätze mer vun enger „Fräiheet"?

Mir hunn e gutt Gesetz, dat d'Ofdreiwung reegelt. Dofir soen ech nach eng Kéier ganz kloer: Mir féieren hei keng Debatt pro oder kontra Ofdreiwung. Mir diskutéieren doriwwer, wat fir e Gewiicht mer der Méiglechkeet op Ofdreiwung ginn. Zementéiere mer dës Méiglechkeet a Bëton? Oder gi mer de Risiko an, dass Fraen nees kriminaliséiert ginn, wann iergendwann eng Kéier eng Regierung sollt kommen, déi aus wat fir enge Grënn och ëmmer eppes um Gesetz ännere géif?

Wéi séier et ka goen, gesi mer an den USA. Nodeems een Urteel gekippt gouf, gëtt et Staaten, wou Fraen net méi ofdreiwe kënnen, och net bei Vergewaltegung oder Gefor fir hiert eegent Liewen. A Polen, wou d'Gesetz massiv verschäerft gouf, si Frae gestuerwen, well d'Dokteren Angscht haten, eng Ofdreiwung duerchzeféieren. Dëst muss eis all eng Warnung sinn: Mir däerfen net waarden, bis extreem Kräften an eis Chamber erakommen, well dann ass et ze spéit!

D'Verankerung an der Verfassung bedeit: Mir als Chamber erkennen un, dass dat hei kee banaalt Gesetzestheema ass, mee e fundamentaalt Recht op Selbstbestëmmung. Mir wëllen, dass d'Selbstbestëmmung geschützt gëtt, an dat dauerhaft, onofhängeg dovunner, aus wat fir enger Richtung de politesche Wand bléist. Et geet dorëms, dass e Réckschrëtt méi schwéier gemaach gëtt, dass kee politesche Wandschlag an Zukunft d'Rechter vun de Frae kann a Fro stellen.

Fir et nach eng Kéier ganz kloer ze soen: Och wa mir d'Ofdreiwung elo an d'Verfassung schreiwen, ännert sech näischt un der aktueller rechtlecher Situatioun.

Zu Lëtzebuerg ass d'Ofdreiwung zënter 1978 gesetzlech gereegelt. D'Fristen, d'Konditiounen an d'Prozedure si kloer am Gesetz festgehalen. D'Fraen hunn e gereegelten Zougang zu medezinnescher Betreiung. Dokteren a Spideeler schaffen op Basis vun engem klore juristesche Kader. Wann d'Recht op d'Ofdreiwung an d'Verfassung opgeholl gëtt, da ginn dës Reegelen net geännert, et komme keng nei Fristen, keng nei Konditiounen a keng nei Prozeduren.

D'Verfassung ass net do, fir d'Detailer ze klären, dat wäert weiderhin am Gesetz geschéien. D'Verfassung ass awer do, fir Prinzippie festzeleeën. Si definéiert, wat eis als Gesellschaft weesentlech ass, net nëmmen haut, mee och muer.

Gesetzer kënnen duerch eng politesch Majoritéit geännert ginn. D'Verfassung ass do vill méi stabill. Si ass e Fundament. Wann e Recht do verankert ass, da gëtt et net dem Alldag vun der Politick iwwerlooss. D'Aschreiwung an d'Verfassung géif also net den Inhalt änneren, mee de Schutzniveau, net d'Praxis, mee d'Stabilitéit.

Här President, ech wëll ee Punkt ganz besonnesch ënnersträichen, an dat ass d'Berodung. D'Berodung ass essenziell. Eng Fra däerf ni eleng gelooss ginn. Si muss informéiert an ënnerstëtzt ginn. Si muss all d'Méiglechkeete kennen, och d'Méiglechkeet, hiert Kand ze behalen an Hëllef ze kréien. Well eng wierklech fräi Entscheedung ass nëmmen eng informéiert Entscheedung. An zu enger informéierter Entscheedung gehéiert am Virfeld och eng gutt Éducation sexuelle et affective an der Schoul, natierlech altersgerecht ugepasst.

Léif alleguer, mir mussen der Realitéit an d'A kucken: D'Haltung an eiser Gesellschaft huet sech mat der Zäit geännert. Wat fréier e kompletten Tabu war, ass haut eng Realitéit, iwwert déi mer schwätzen. An dat ass och gutt esou. Well d'Realitéit ignoréieren hëlleft kengem.

Mir liewen an engem Land, wou d'Frae scho säit Joren d'Recht hunn, iwwer hire Kierper an hiert Liewen ze entscheeden. Dat ass eng Entwécklung, déi net ouni Grond koum. Et war d'Erkenntnis, dass d'Liewen net ëmmer schwaarz oder wäiss ass, dass Nout, Drock, Krankheet oder Gewalt Mënschen an onméiglech Situatioune bréngen kënnen. An an esou Amenter brauch d'Fra net Moralisatioun, mee Schutz, Ënnerstëtzung a Sécherheet.

Mir däerfen als Land net an eng Zäit zréckgoen, wou d'Fraen am Schiet entscheede mussen, wou Schimmt an Drock iwwer Mënsche geluecht ginn. D'Aschreiwung vun der Ofdreiwung an d'Verfassung heescht: Mir Frae spieren eis net just elo sécher, mee och an 10, 20, 50 Joer!

Här President, léif alleguer, fir eis als CSV geet et am Kär ëm eppes Fundamentales: Respekt! Respekt virun der Fra an enger Noutsituatioun, Respekt virun hirer Decisioun.

Ech weess, dass et bannent eiser eegener Partei an och an eiser Gesellschaft staark moralesch, reliéis oder eethesch Bedenke gëtt. An déi si legitimm. Och si verdénge Respekt. Mir hunn dofir och als Partei entscheet, an dëser Fro den Deputéierten d'Méiglechkeet ze ginn, no hirem Gewëssen ofzestëmmen.

Dës Debatt ass keng einfach Debatt. Si verlaangt net nëmmen eng juristesch Analys, mee och Empathie a Courage. Courage, fir unzeerkennen, dass an enger pluralistescher Gesellschaft net all Mënsch déi selwecht Iwwerzeegungen deelt an dass de Staat dofir e Kader schafe muss, deen d'Fräiheet vum Eenzelne schützt, ouni esou eng Entscheedung ze verharmlosen.

D'Verankerung an der Verfassung ass keen Ofschloss vun enger moralescher Debatt. Si ass e kloert Bekenntnis dozou, dass mir Fraen an Noutsituatiounen net eleng loossen an dass mer verhënneren, dass fundamental Fräiheeten dem politesche Wandel ausgesat ginn.

Mir kënnen ënnerschiddlech Iwwerzeegungen hunn, mee mir sollten eis all eens sinn, dass Respekt, Verantwortung a Schutz d'Grondlage vun eiser Gesellschaft sinn. Mir verankeren dës Fräiheet net fir

d'Géigewaart an d'Verfassung, mee fir all déi Fraen, déi muer op eise Courage ugewise sinn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Morgenthaler. Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt Debatten hei am Haus, déi entstinn aus politesche Programmer oder aus Koalitiounsaccorden. An et gëtt Debatten, déi eng méi déifgräifend rechtsstaatlech Dimensioun hunn. Déi vun haut gehéiert zu där zweeter Kategorie.

Mir diskutéieren net iwwer en Detail am Gesondheetsrecht. Mir diskutéieren iwwert d'Architektur vun eiser Demokratie an iwwert d'Fro, wéi mir als Gesetzgeeber mat Rechter a Fräiheeten ëmginn, déi d'Liewe vu Mënsche ganz konkreet an och perséinlech betreffen.

Mir liewen an enger Zäit, an där mir gesinn, dass och etabléiert Demokratien net immun si géint Réckschrëtter. D'Decisioun am Fall Dobbs géint Jackson Women's Health Organization huet an den USA e juristesche Kader gekippt, deen zanter bal 50 Joer Bestand hat. An Europa hu mir a Pole gesinn, wéi restriktiv Interpretatioune vu Verfassungsprinzippien zu reelle Konsequenze fir Frae gefouert hunn.

Dës Beispiller sinn net do, fir Angscht ze maachen. Si sinn do, fir eis un eng einfach Wourecht ze erënneren: Rechter a Fräiheete bleiwen nëmme bestoen, wou se strukturell geséchert ginn.

An duerfir schwätze mir haut iwwer eis Verfassung. D'Recht op Ofdreiwung ass hei zu Lëtzebuerg net aus enger Polarisatioun eraus entstanen. 1978, ënnert der Regierung vum Gaston Thorn, gouf decidéiert, datt eng Ofdreiwung ënner bestëmmte Konditiounen net méi strofbar ass. Ëmmer nach aktuell sinn d'Wierder vum Colette Flesch zum deemolegen Text, dee si bezeechent huet als: „extrêmement important pour l'émancipation de la femme, important pour la dignité de la femme, important pour mettre fin à l'hypocrisie existante que certains [...] ne voudraient que trop voir persister". Si huet et mat hirer gewinnter pertinenter a preziser Aart ganz richteg beschriwwen.

2014 gouf ënnert dem Premier Xavier Bettel d'Ofdreiwung aus dem Code pénal erausgeholl an d'Notioun vun der „situation de détresse" gestrach. A méi rezent hu mir d'Bedenkzäit vun dräi Deeg nach ofgeschaaft.

*(M. André Bauler prend la présidence.)*

De Gesetzeskader ronderëm d'Ofdreiwung huet deemno an all deene Jore staark evoluéiert. Domat gouf peu à peu d'kierperlech Selbstbestëmmung gestäerkt an den Zougang zu de reproduktive Rechter vun der Fra verbessert.

Bei där staarker gesetzlecher Verankerung vun der Ofdreiwung zu Lëtzebuerg kann d'Fro opgeworf ginn, firwat et dann nach eng Verfassungsännerung brauch.

Wann e Recht oder eng Fräiheet nëmmen um Niveau vum Gesetz verankert ass, da bleiwe se politesch reversibel. Wa se constitutionnel garantéiert sinn, gi se strukturell stabiliséiert.

D'Propositioun ass dofir haut déi, d'Méiglechkeet vun enger Ofdreiwung op Verfassungsniveau ze erhéijen, wou se net vun enger einfacher Majoritéit kann a Fro gestallt ginn. An enger Demokratie geet et net nëmmen ëm aktuell Rechter, mee och ëm Previsibilitéit an ëm Rechtsstécherheet. D'Biergerinnen an d'Bierger mussen drop vertraue kënnen, dass fundamental Rechter a Fräiheeten net vun enger Legislaturperiod op déi aner a Fro gestallt ginn.

An deem Sënn hat ech och 2022 eng Resolutioun deposéiert, fir d'Regierung opzefuerderen, weiderhin a punkto Ofdreiwungen eng Pro-Choix-Politick ze féieren. Dës Resolutioun hat deemools hei an der Chamber eng ganz breet Zoustëmmung fonnt.

D'Initiativ vun der haiteger Verfassungsännerung kënnt vum Marc Baum an ech wëll och der Sensibilitéit vun déi Lénk op dëser Plaz felicitéieren. Et gëtt net ganz vill Texter a Propositiounen, déi aus der Oppositioun eraus hei gestëmmt ginn. Hei schwätze mer vun enger Proposition de révision vun der Verfassung an ech sinn der Meenung, dass Dir mat Ärer Propositioun an deem Moment, wou Dir se deposéiert hutt, en Nerv vun der Zäit getraff hutt an dass Der a mengen Aen och a ganz wäiten Deeler eng immens progressiv, eng demokratesch relevant an och eng konsensorientéiert Debatt lancéiert hutt. Merci dofir.

Är Propositioun war initial déi, e Recht op Ofdreiwung an d'Recht op Verhütung an d'Verfassung ze schreiwen. Wat d'Ofdreiwung selwer ugeet, ass am Laf vun den Diskussiounen d'Fro opkomm, ob mir hei vun engem „droit à l'avortement" oder enger „liberté d'avorter" solle schwätzen, esou wéi se och a Frankräich an d'Verfassung ageschriwwe gouf.

Aus Ärer Siicht ass et eng Necessitéit, e Recht explizitt an der Verfassung ze verankeren. Fir anerer ass et éischter eng semantesch Niewefro. Fir nach anerer stellt sech d'Fro vun der Kohärenz vun eiser Verfassung.

Ech wëll hei kuerz op eis majoritär Aschätzung als DP zu dëser Diskussioun agoen. En Droit am constitutionnelle Sënn kann, jee no Ausgestaltung, och positiv staatlech Leeschtungsobligatioune mat sech bréngen. Eng Liberté publique dogéint definéiert an éischter Linn e Schutzraum géint staatlech Iwwergrëff. An dat ass genau dat, wat mir hei maachen: Mir definéieren eng Fräiheet, déi dem Staat Grenze setzt. Mir erklären net, wat de Staat soll maachen. Mir definéieren, wou en net däerf agräifen. Mir verankeren eng existent juristesch Realitéit am Kader vun de Libertés publiques.

D'Kapitel 2 Sektioun 3 vun eiser Verfassung enthält effektiv béides, Rechter a Fräiheeten. D'Ofdreiwung gehéiert dogmatesch an d'Kategorie vun de Fräiheeten. Si schützt d'kierperlech Autonomie an déi perséinlech Selbstbestëmmung vun der Fra. D'Decisioun fir de Begrëff „Liberté" ass also keng Relativéierung vum Wäert, am Géigendeel. Mir soen domadder kloer: D'Decisioun iwwer eng Schwangerschaft ass keng staatlech Prerogativ, si läit am Schutzberäich vun der individueller Fräiheet. Bei enger esou sensibeler Fro war et fir eis wichteg, net ze polariséieren, mee eng Formulatioun ze fannen, déi juristesch kohärent ass an aner constitutionnel Prinzippie respektéiert.

D'Propositioun, vun engem „Droit" ze schwätzen, war eng legitimm Approche. Mir hunn eis – no intensiven a respektvollen Diskussiounen – gemeinsam fir d'Kategorie vun de „Libertés" entscheet. De Konsens, dee sech hei erausgeschielt huet, ass keng inhaltlech Ofschwächung. En ass e Resultat vun enger preziser constitutionneller Aarbecht. An ech wëll an dësem Kontext och alleguerten de Kolleegen, déi un dësem Austausch bedeelegt waren, Merci soe fir den oppenen a ganz konstruktiven Dialog.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Bei fundamentale Froen ass et e staarkt Zeechen, wann d'Parlament eng juristesch kohärent a breet drobar Léisung zesumme fënnt.

An der initialer Proposition de révision constitutionnelle war niewent dem Recht op Ofdreiwung och e Recht op Verhütung virgesinn. Ech sinn der Meenung, dass een déi zwou Saachen net einfach gläichsetze kann. Verhütung geschitt – oder eebe grad net – am intime Beräich. Si verlaangt eng konkreet a bewosst Handlung vun de betraffene Persounen. Dat ass eppes, wat de Staat net direkt ka garantéieren oder schützen, well et ëmmer un eng individuell Entscheedung an Handlung gebonnen ass.

De Staat kann a soll awer kloer Akzenter setzen: bei der Opklärung, bei der sexueller Bildung an an der Preventioun vun ongewollte Schwangerschaften. Dat ass dem Staat seng Verantwortung. Awer aus där Verantwortung en allgemengt Recht op Verhütung ofzeleeden, dat een dem Staat spéider kéint entgéinthalen, wann trotzdeem eng Schwangerschaft entsteet, geet eiser Meenung no ze wäit.

Aus dëse Grënn schwätze mir eis als DP dergéint aus, d'Verhütung als eegestännegt Recht an der Verfassung ze verankeren. Dat ass eng Ofweiung am Sënn vu verfassungsrechtlecher Kohärenz an op kee Fall eng Relativéierung vun der Wichtegkeet vun der Preventioun oder generell de Rechter vun de Fraen.

Et ass mir op dëser Plaz och wichteg, nach eng aner Saach kloer ze soen: Déi proposéiert Verfassungsännerung changéiert net de legale Regimm vun Ofdreiwungen. Si ännert net d'Fristen, si ännert net d'Konditiounen, si ännert net de gesetzlechen Encadrement vun Ofdreiwungen. Si verankert eng bestoend Fräiheet am Kader vun der Verfassung an domat och am Kader vun hire Limitatiounskritäären. D'Gewëssensfräiheet vun Doktere bleift respektéiert, de Proportionalitéitsprinzipp bleift applikabel. Dat ass haut schonn esou an dat bleift och esou bestoen.

Deen iwwert déi lescht 50 Joer opgebaute gesetzleche Kader bleift deemno a soll och an eisen Ae bestoe bleiwen. Dëse gëtt duerch d'Aschreiwung vun der Fräiheet ofzedreiwen awer stabiliséiert.

Eng Schwangerschaft ass keng abstrakt juristesch Saach. Si ass eng kierperlech an eng existenziell Realitéit. D'Decisioun, eng Schwangerschaft weiderzeféieren oder net, ass eng vun de Schwéiersten, déi eng Fra an hirem Liewe kann treffen. Genee well se esou schwéier ass, däerf se net ënner permanenter politescher Onsécherheet stoen. D'Dignitéit vun engem Mënsch besteet doran, datt him zougetraut gëtt, existenziell Entscheedunge selwer ze huelen, net infantiliséiert ze ginn, net reduzéiert ze ginn op eng biologesch Funktioun.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Dat ass dat Mënschebild, op deem eis Demokratie opgebaut ass.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Dës Verfassungsännerung schéckt och e kloert Signal no baussen: Lëtzebuerg positionéiert sech als Rechtsstaat, deen d'Rechter vun de Fraen net nëmmen deklaréiert, mee se och institutionell ofséchert.

An natierlech, Här President: D'Ofsécherung vun engem Recht eleng geet net duer. E Recht ass nëmmen da wierksam, wierklech fräi auszeüben, wann d'Viraussetzungen dofir och an der Praxis bestinn, wann een iwwerhaapt d'Méiglechkeet huet, eng fräi Entscheedung ze treffen. Dës Viraussetzungen ze schafen, ass eng politesch Responsabilitéit.

Eng Ofdreiwung dierf net d'Konsequenz vun engem Manktem u reelle Wielméiglechkeeten oder Informatioune sinn, mee soll am Idealfall eng lescht Optioun sinn. Genee do soe mir als DP, datt sech Preventioun

an Opklärung nach verbessere mussen. Ganz am Sënn vun der Resolutioun, déi ech no den internationale Réckschrëtter am Beräich vun de reproduktive Rechter deposéiert hat, hu mir eis net nëmme fir eng Pro-Choix-Politick agesat, mee och dofir, den universellen Zougang zu Verhütungsmëttel ze verbesseren an d'Éducation affective et sexuelle weider auszebauen.

Preventioun, Opklärung an Accès zu Verhütungsmëttel si keng Alternativen zur Fräiheet op Ofdreiwung, mee eng noutwendeg Ergänzung dozou. Béides ass am Endeffekt den Ausdrock vu Gläichberechtegung a Respekt virun der kierperlecher Autonomie vun der Fra.

D'Aschreiwe vun der Ofdreiwung an d'Verfassung ass intensiv an eiser Fraktioun an och an eise Parteigremien diskutéiert ginn. Mir sinn zu engem ganz breede Konsens zugonschte vun der proposéierter Verfassungsännerung komm. Gläichzäiteg gëtt et verschidden eethesch a perséinlech Iwwerzeegungen, déi mir als Partei – an och ech als Parteipresidentin – respektéieren. Duerfir gëtt et keng Consigne de vote. Jiddereen handelt no sengem Gewëssen.

Mir stinn als Fraktioun zesummen, stäerken d'Verfassung, wéi mer dat an de leschte Joren ëmmer gemaach hunn a respektéieren dobäi all individuell Meenung.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dës Verfassungsännerung ass keng Victoire vun enger Säit iwwert déi aner. Si ass Ausdrock vu Vertrauen: Vertrauen an d'Maturitéit vun de Fraen, Vertrauen an d'Stabilitéit vun eisem Rechtsstaat, Vertrauen an d'Fäegkeet vun dësem Parlament, fundamental Fräiheeten nohalteg ofzesécheren. Mir huele kengem eppes ewech. Mir stabiliséieren eng Fräiheet, déi d'Dignitéit an d'Autodeterminatioun betrëfft.

Déi viséiert Verfassungsännerung garantéiert de Fraen, datt si Här a Meeschter iwwer hiren eegene Kierper bleiwen. Si schützt hir Dignitéit, si schützt hir Selbstbestëmmung, si schützt eng Fräiheet géint zukünfteg Onsécherheeten.

Ganz perséinlech hoffen ech, datt mir haut e breede Konsens fannen, e Konsens, dee weist, datt Lëtzebuerg e Rechtsstaat ass, deen d'Fräiheeten net relativéiert, mee se constitutionnel ofséchert.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Hartmann. An als nächst Riednerin ass déi honorabel Madamm Taina Bofferding agedroen. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Taina Bofferding** (LSAP) | Léif alleguerten, haut wäerte mer wuel Geschicht schreiwen. Dat klengt Lëtzebuerg wäert fir ganz grouss Schlagzeile suergen. Zumindest wann de Vott esou ausgeet, wéi ech elo hoffen, da wäert Lëtzebuerg niewent Frankräich als dat Paradebeispill zitéiert ginn, dat d'Selbstbestëmmung vun de Fraen iwwer hiren eegene Kierper als fundamentaalt Grondrecht festschreift.

An diesbezüglech wëll ech fir d'éischt dem Deputéierte Marc Baum Merci soe fir déi Initiativ, well bei der Revisioun vun der Constitutioun viru Jore war dat effektiv nach kee grousst Theema. Do war d'Welt nach eng ganz aner. Mee d'Gesellschaft huet sech entre-temps weiderentwéckelt a mir gesinn, dass politesch Kräfte ganz beméit sinn, d'Auere carrement zréckzedréien.

Weltwäit sti Mënscherechter, ganz besonnesch Fraerechter, ënner Beschoss. Si ginn a Fro gestallt, si ginn attackéiert. Mir erliewen eng ganz beonrouegend Entwécklung. A verschiddene Länner ginn demokratesch Acquisen zréckgeschraubt. Gesetzer, déi de Fraen Autonomie, Gläichberechtegung, Sécherheet ginn, ginn einfach ofgeschaaft.

Firwat duerf eis dat net kal loossen? A wat ass de Problem, wann esou d'Fraerechter ofgebaut ginn? Et bedeit, dass sozial Ongerechtegkeete weider verstäerkt ginn. Et bedeit, datt d'Fraen net méi selwer iwwer hire Kierper kënnen entscheeden. An et bedeit, dass d'Gesondheetsversuergung kriminaliséiert gëtt, wéi elo am US-Bundesstaat Tennessee, wou e Projet agereecht ginn ass, fir dass Leit, déi en Avortement virhuelen, kënne mat der Doudesstrof bestrooft gi respektiv e Liewe laang an de Prisong kommen.

D'USA sinn awer keen Eenzelfall. Och hei an Europa gesi mer änlech Tendenzen. Polen, Ungarn, Malta si ganz restriktiv, wat hir Gesetzgeebung betrëfft. Mee an Europa gëtt et awer och nach déi aner, progressistesch Kräften. An ech begréissen hei ausdrécklech d'Biergerinitiativ „My Voice, My Choice", déi iwwer eng Millioun Ënnerschrëfte gesammelt hat, fir eeben esou op europäesch Fonge kënnen zréckzegräifen, fir déi kënnen ze schafen, fir dass déi Fraen, déi an Europa kee sécheren Accès hunn, hei Ënnerstëtzung kënne kréien.

D'EU-Kommissioun huet d'lescht Woch doriwwer ofgestëmmt. Si ginn elo net an déi Richtung, si stellen awer den Europäesche Sozialfong zur Verfügung. Och dat ass vläicht net grad dat, wat sech erwaart ginn ass, mee och dat ass awer trotzdeem eng kleng Victoire fir d'Fraen hei an Europa.

Mee all déi réckstänneg Entwécklungen – an dat wëll ech ganz kloer soen –, ben, dat ass keen Zoufall! Et ass en Deel vun enger breeder antidemokratescher, antiliberaler, reaktionärer, ultrakonservativer Beweegung, déi op Angscht a Réckschrëtt setzt an d'Kontroll iwwert de Kierper vun der Fra als Moyen notzt, fir esou kënne Muecht auszeüben. An dofir ass dee Vott haut esou wichteg. Et geet ëm de Prinzipp vun der Autonomie.

Oder fir et mat de Wierder vun der Presidentin vum Planning Familial aus engem rezenten Interview auszedrécken: „Et ass e staarke Message un d'Fraen. Hire Kierper gehéiert hinnen. Kannerkréien ass e Choix an eng fräiwëlleg Ofdreiwung e Recht. D'IVG an der Verfassung ze verankeren, hëlleft dobäi, den Tabustatus ze duerchbriechen."

A genau dat sinn d'Argumenter, firwat een eeben net just soll iwwer e Gesetz fueren, mee firwat et wichteg ass, dass mer d'Recht op Ofdreiwung an eiser Constitutioun festschreiwen. Dat mécht et nämlech méi schwéier, dat Recht duerch eng einfach parlamentaresch Majoritéit ze änneren oder carrement am schlëmmste Fall ofzeschafen. Mir schwätzen haut net iwwer eng abstrakt juristesch Fro, mir schwätzen haut iwwert d'Vertrauen: d'Vertrauen an eise Rechtsstaat, d'Vertrauen an d'Selbstbestëmmung an d'Vertrauen an d'Fraen an dësem Land.

Well am Endeffekt ass et eng Grondsazfro, an zwar: Wéi konsequent sti mer zum Prinzipp, dass all Mënsch, an dësem Fall d'Fraen, iwwer hiren eegene Kierper fräi decidéiere kënnen?

Mir wëssen: Gesetzer kënnen änneren, Majoritéite kënnen dréinen, gesellschaftlech Stëmmunge kënne kippen. Mee eng Constitutioun ass net do, fir d'Stëmmung vum Dag ze reflektéieren. Si ass do, fir fundamental Rechter ze schützen, och dann, wann et onbequeem gëtt. D'Recht op e Schwangerschaftsofbroch ass keng Banalitéit! Et ass en Ausdrock vun der kierperlecher Autonomie, vun der mënschlecher Dignitéit a vun der Gläichstellung. Wien de Fraen net d'Kontroll iwwert hir reproduktiv Rechter gëtt, ben, deen hëlt hir sozial, wirtschaftlech a politesch Fräiheet ewech.

Eng Verankerung an eiser Constitutioun bedeit och net, dass mer net nach weider Debatte kënne féieren, mee et bedeit awer ganz kloer, dass mer hei eng kloer Linn zéien: D'Selbstbestëmmung ass net verhandelbar, d'Gesondheet vun de Fraen ass net politescht Spillmaterial an d'Gläichstellung ass net relativ. Laang genuch hu Frae virgeworf kritt, si hätte keng Moral, si géifen aus puerem Egoismus ofdreiwen, a goufen als Mäerderinne vernannt. An emol net un dat Leed vun de Fraen ze denken, déi duerch eng Vergewaltegung schwanger gi sinn a keen Accès zu engem Ofbroch haten a carrement zur Mammeschaft gezwonge goufen!

Ewech vum fraefeindlechen, ultrakonservativen a klerikalen Denke behandele mer säit Joren d'Fro vun der IVG aus der Perspektiv vun der Santé publique. Santé publique heescht Gesondheetszougang fir jiddereen, net nëmme fir déi, déi et sech kënne leeschten. An d'Méiglechkeet, selwer ze decidéieren, ass och e weesentleche Schutz vun der mentaler Gesondheet.

Et gëtt Situatiounen, wou d'Liewe vun der Fra a Gefor ass, schwéier fetal Malformatiounen diagnostizéiert ginn oder wéi gesot eng Schwangerschaft eeben no enger Vergewaltegung entsteet. An esou Fäll ass eng Ofdreiwung net ideologesch, mee et ass am Endeffekt eng medezinnesch Noutwendegkeet. Wann e Staat den Zougang zu sécheren a legale Servicer garantéiert, dann ass dat keng ideologesch Positioun, mee et ass eng Fro vu verantwortlecher Gesondheetspolitick.

An nee, mir trivialiséieren och elo net den Avortement als en Instrument vun der Liewensplanung. An et ass eigentlech eng Frechheet, eis Fraen ze ënnerstellen, mir géifen elo een Avortement nom anere maachen, well d'Constitutioun eis dat elo zougestoe géif a well dat praktesch wär, soudass een eis virun eis selwer misst schützen!

Ech wëll et emol ganz kloer soen: Eng Ofdreiwung, dat ass keng Partie de plaisir! Et handelt sech net ëm eng Kamell, déi een erofschléckt, an dann ass alles vergiess. A souguer wann een eng Pëll hëlt, ass dat oft mat ganz ville kierperleche Beschwerde verbonnen. Do gëtt et verschidden Etappen, déi eng Fra dee Moment duerchlieft, mat ganz vill Péng, déi domat verbonnen ass. An et ass heiansdo esou schlëmm, dass eng Fra emol net an der Lag ass, schaffen ze goen. Et ass net, wéi wann ee sech emol eng Kéier en Nomëtteg fräihëlt a bei den Aendokter geet. En Avortement, dat ass schonn eng ganz aner Kategorie.

An dofir wëll ech op dëser Plaz och alleguerten deene Professionellen, deene Benevollen, déi d'Fraen an dëse Momenter ënnerstëtzen, se begleeden, beroden, se soignéieren, hinnen einfach zur Säit stinn, dofir Merci soen, dat eeben zesummen unzegoen.

Och wa mer d'Revisiounspropos komplett ënnerstëtzen, bedauere mer, am Géigesaz zu menge Virriednerinnen, dass d'Recht op Verhütung net zréckbehale ginn ass. Mir gesinn nämlech d'Recht op Schwangerschaftsofbroch net isoléiert. Eng verantwortlech Politick setzt fir eis vun allem och op Preventioun, Opklärung a sozial Ënnerstëtzung.

Fir eis ass d'Recht op Verhütung och eng Fro vun der sozialer Gerechtegkeet. Wie wéineg Ressourcen huet, duerf net manner Choix hunn. Fir eis ass d'Recht op Verhütung en zentrale Bestanddeel vun de reproduktive Rechter. An dofir hu mer jo och, wéi mer an der Regierung waren, derfir gesuergt, dass

d'Verhütungsmëttel praktesch integral rembourséiert gi sinn.

Wat nach net rembourséiert gëtt am Moment, dat sinn d'Kondomer. Och hei wär et wichteg, an déi do Richtung ze goen, zemools wa mer gesinn, dass mer eng jonk Generatioun hunn, déi net méi gewinnt ass, op Kondomer zréckzegräifen, mee dat ass eng aner Diskussioun, déi mer nach eng Kéier musse féieren.

## 9. Dépôt d'une proposition de loi par Mme Taina Bofferding

***Exposé***

Kolleeginnen a Kolleegen, mir, d'LSAP, wëllen haut nach e Schratt méi wäit goen. An zwar wëlle mer dat fundamentaalt Recht op Ofdreiwung hei zu Lëtzebuerg mat engem „délit d'entrave" schützen, also d'bewosst Verhënnere vun enger Ofdreiwung ënner Strof stellen.

Et geet drëms, dass keen, ob elo eng eenzel Persoun oder Familljememberen, eeben eng Fra drun hënnert, eng Ofdreiwung virzehuelen. Et kann net sinn, dass eng Fra, déi virun enger héchstperséinlecher Decisioun steet, méiglecherweis där schwieregster an hirem Liewen, bedrängt oder ageschüchtert gëtt, andeems etwa radikal Ofdreiwungsgéigner mat Plakater oder aneren Aktioune viru Berodungsstellen, viru Spideeler, viru Cabinete stinn – ben, Biller, wéi mer se nëmmen allze gutt aus dem Ausland kennen.

Bei der Gesetzesännerung zum Avortement d'lescht Joer hate mer schonn eng konkreet Propos agereecht. Eise Virschlag gouf awer leider an der Kommissioun net zréckbehale mam Argument, et wier eng kniwweleg Saach. Wat e bësse verwonnert, well Frankräich huet den Délit d'entrave scho säit 1993. D'Deputéiert Lydie Err, zu hirer Zäit LSAP, hat scho virun 20 Joer eng Proposition de loi agereecht, justement fir den Délit d'entrave virzeschloen, eng Proposition de loi, déi vun engem anere Lydie, dem Lydie Polfer, DP, 2010 och nach eng Kéier deposéiert gouf.

Mee, jamais deux sans trois, deposéieren ech dann haut am Numm vun der LSAP respektiv zesumme mam Paulette Lenert, dann nach eng Kéier eng Proposition de loi, fir den Délit d'entrave anzeféieren.

*8711 – Proposition de loi modifiant le Code pénal aux fins d'introduire le délit d'entrave à l'interruption volontaire de grossesse*

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci.

## 10. 8379 – Proposition de révision de l'article 15 de la Constitution (suite)

***Discussion générale (suite)***

**Mme Taina Bofferding** (LSAP) | Éier ech zum Schluss kommen, wëll ech nach eng Kéier ganz kloer ervirhiewen, dass fir eis den Dossier net ofgeschloss ass. Dir wësst, dass mer nach ëmmer der Meenung sinn, dass den Délai fir den Avortement op 14 Woche soll eropgesat ginn. Mir si fir d'Schafung vu Kompetenzzentren, mir maachen eis derfir staark, dass d'Berodung an déi ganz sexuell Educatioun solle weider ausgebaut ginn. Do ass nach vill Loft no uewen. Mir brauchen eng Datenerhiewung. Ausser dem Planning Familial hu mer am Moment guer keng Daten déi dote Sachlag. Ben, bref, eis Lëscht ass nach ganz grouss, eist Engagement geet weider, mee haut geet et emol drëms, dës wichteg Etapp ze huelen.

Haut maache mer, wéi gesot, net just e juristesche Schrëtt, mee e ganz kloert Bekenntnis fir d'Selbstbestëmmung, fir d'Sécherheet a fir d'Gläichstellung. D'Geschicht weist: Rechter, déi net verteidegt ginn, gi liquidéiert, si ginn einfach ofgeschaaft. De Fortschrëtt ass net automatesch, de Fortschrëtt erfuerdert Courage, en erfuerdert Engagement.

An d'Entscheedung, ob ee Kanner kritt oder net oder ob een am Endeffekt en Ofbroch virhëlt, ass eigentlech Privatsaach. Dat huet keng Institutioun ze interesséieren an do huet u sech och net de Staat sech anzemëschen.

Dofir, Kolleeginnen a Kolleegen, loosst eis kloer solidaresch si mat de Fraen an den USA an iwwerall op der Welt, déi am Endeffekt fir e Recht musse kämpfen, dat u sech eigentlech sollt selbstverständlech sinn! Fraerechter sinn net verhandelbar, Selbstbestëmmung ass net relativ an d'Egalitéit ass keng Optioun, si ass eng Verflichtung!

An der leschter Instanz läit d'Decisioun net bei de Politiker, net bei den Dokteren, net bei der Famill, mee bei der betraffener Persoun selwer. A si soll soen: „Mäi Bauch gehéiert mir!"

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Bofferding. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madamm Alexandra Schoos agedroen. Madamm Schoos, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut geet et net nëmmen ëm eng eenzel gesellschaftlech Fro. Haut geet et ëm e Prinzipp: Wéi eng Zort vu politeschen a bioeethesche Sujeten hiewe mir op den Niveau vun der Verfassung?

Wann d'Verfassung ufänkt, an engem moralesch sensibele Beräich eng ganz konkreet Léisung wëllen ze garantéieren, da stellt sech automatesch déi nächst Fro: Wou zéie mir d'Grenz? Kënnt als Nächst d'Fro vun der Euthanasie an der Verfassung oder vun anere bioeetheschen Entscheedungen? A virun allem: Wéi positionéiere mir eis an eiser Verfassung géintiwwer dem Schutz vum Liewen, och do, wou d'Liewen net fir sech selwer schwätze kann?

Eng Verfassung ass net eng Lëscht vu politeschen Ziler, si ass e Fundament.

Ech wëll dat direkt kloer soen: D'ADR schwätzt hei mat Respekt, well et geet ëm schwéier Liewenssituatiounen. Mee grad well et esou schwéier ass, muss d'Chamber och mat konstitutioneller Disziplinn schwätzen an handelen.

Dës Verfassungsännerung soll also elo d'Fräiheet vun dem fräiwëllege Schwangerschaftsofbroch verankeren. An d'Gesetz, wéi et et och elo scho mécht, leet d'Konditioune fest, wéi dës Fräiheet ausgeüübt dierf ginn. De gewollte Message vun deene Leit, déi dës Verfassungsännerung ënnerstëtzen, ass kloer: méi Stabilitéit, méi Schutz duerch d'Verfassung, méi Selbstbestëmmung fir d'Fra.

D'ADR steet fir Fräiheet – mee Fräiheet a Verantwortung gehéiere fir eis zesummen. D'ADR steet och fir de Wäert vum Liewen a fir eng Politick, déi Fraen an Nout net eleng léisst. A genau hei läit den Ënnerscheed: eng Debatt iwwer Reegelen, Fristen, Prozeduren, medezinnesch Standarden, sozial Hëllef a Preventioun, dat ass Gesetzgeebung, dat ass Gesondheets- a Sozialpolitick an dat ass parlamentaresch Aarbecht am Alldag. Fir d'ADR ass et de falsche Wee, eng esou komplex, moralesch a medezinnesch sensibel Fro op Verfassungsniveau zwanghaft wëllen ze fixéieren.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Très bien!

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Fir d'ADR ass ganz kloer: Eng Verfassung soll de Kader vum Rechtsstaat setzen a sécheren, d'Fundament also vun eise Rechter a Prinzippien a vum Fonctionnement vun eisem Staat. Si soll net zu enger Plattform ginn, wou mir déi grouss Gewëssensfroen esou formuléieren, datt se politesch ad acta geluecht ginn. Eng Verfassung ass e Fundament, kee Manifest. Si soll zesummenhalen an net eng Plattform fir Kulturfronte ginn.

Als ADR soe mir och ganz kloer: Dës Verfassungsännerung bedeit kee reelle praktesche Schutz virum Réckschrëtt. De Schlëssel bleift am Gesetz. Hei muss een de Leit dobaussen och ganz kloer soen – an de Projet seet et selwer –, datt d'Gesetz d'Konditioune bestëmmt. Dat heescht: Déi eigentlech Debatt ëm d'Zougänglechkeet an d'Konditioune vun der Ofdreiwung bleift weiderhin am Gesetz bestoen.

Wéi d'Propositioun eragereecht ginn ass, hunn ech dacks héieren a gouf och selwer domat um Radio konfrontéiert: „Mat där Verfassungsännerung schafe mir méi Sécherheet." An ech hunn et haut och schonn e puermol héieren.

Nee, de Projet schaaft eng konstitutionell Referenz. Mee e vollwäertege praktesche Schutz ergëtt sech doduerch net automatesch. Eng Politick kann och iwwer extreem enk Fristen, Prozeduren oder aner Hürden eppes formell bestoe loossen an et an der Praxis bal onméiglech maachen. Just effektiv eng gesetzlech Ofschafung vun der Fräiheet op Ofdreiwung wier verfassungsrechtlech net méi méiglech.

Mee doweinst seet d'ADR: Et ass eng reng Aewëscherei a Symbolpolitick, wann ee behaapt, dëse Schratt géif automatesch eng grouss praktesch Sécherheet bréngen.

Wat ass d'Realitéit hei am Land bezüglech Schwangerschaftsofbréch beziehungsweise wéi eng Zuelen hu mir vum Planning Familial? An d'Madamm Bofferding hat et grad gesot: Mir hunn net vill Daten a Statistiken. De Planning Familial weist fir 2024 eng Realitéit, déi een net ignoréiere kann: Et gëtt eng héich Zuel un Demanden an den Altersduerchschnëtt vun de Fraen, déi Schwangerschaftsofbréch duerchféiere loossen, läit bei 28, 29 Joer, mat engem ganz klenge Prozentsaz u Mineuren. Dat bedeit: Et ass keng Randrealitéit an et betrëfft an der Majoritéit erwuesse Mënschen.

E Schwangerschaftsofbroch bleift eng déifgräifend Entscheedung mat moraleschem Gewiicht fir déi betraffe Fra, fir d'Famill, fir d'Gesellschaft. Wann een d'Zuele vun de planifizéierte Schwangerschaftsofbréch a Relatioun setzt zu de Gebuerten hei am Land, da beweegt sech d'Gréisstenuerdnung ronn bei engem Ofbroch op sechs bis siwe Gebuerten, jee nodeem wéi een d'Basis rechent. Domat wëll ech näischt dramatiséieren – dat ka jidderee fir sech selwer decidéieren –, mee ech wëll domadder weisen, dass de Schwangerschaftsofbroch gesellschaftlech relevant ass a politesch Verantwortung verlaangt – a sécher keng Symbolpolitick.

Ech wëll hei awer och ganz kloer op e weidere Punkt agoen, dee mir als erwuesse Fra an als Politikerin immens wichteg ass: d'Fräiheet an d'Verantwortung vun erwuessene Mënschen. Well ech wëll nach eng Kéier widderhuelen: Mir schwätzen am Duerchschnëtt vun 28-, 29-järege Fraen. Jo, selbstverständlech hunn Erwuessener d'Fräiheet, hir Sexualitéit fräi a selbstbestëmmt ze liewen. Mee an enger fräier a selbstbestëmmter Gesellschaft heescht dat och, sech bewosst ze sinn iwwert d'Konsequenzen an d'Responsabilitéit, déi mir droen duerch dës Fräiheeten.

An ech hunn et schonn d'lescht Joer a menger Ried gesot: D'Selbstbestëmmung iwwer mäi Kierper als